Assemblée générale du 22.02.2006

Rapport d'activités

Den 25.04.2005 hun d'Martine, d'Michèle, de Rob, de Roland, d'Mireille an ech d' asbl „Amitié Am Sand –Amizero" gegrennt, d.h. mir hun eis d'Statuten gin vun enger asbl, hun sie awer, aus finanziellen Grënn, nach nett enregistreieren gelooss.

Doropshin hun eis Partner am Rwanda och eng nei Organisatioun gegrënnt an en internationalen Kont opgemaach.

Zenterhir kreien sie vun eis regelmäisseg d'Suen vun de Parrainagen an sie kruten en Wasserreservoir finanzeiert.

Mir hun eis als Comité 3 mol am Laf vum Joer getraff.

Mir haten och decideiert eng Delegatioun an de Rwanda ze schecken fir bei der Aweiung vun de Waasserreservoiren derbäi ze sin, Mais des ass dunn de Leit aus perseinlechen Grenn nett gang. Mais sie wellen dat dest Joer nohuelen.

Am Mee 2005 huet eis Schoul der Schoul am Rwanda e Computer geschenkt.Mir hun dem Simon d'Erlabnis gin de Computer bei sech doheem ze benotzen bis d'Schoul Elektriziteit huet.

Och am Mee waren mir, am Kader vun der internationaler Versammlung vun den Unesco-Schoulen, der G-Duchesse enner anerem den Projet Rwanda virstellen. Sie hat de Kanner proposeiert eventuell eng Manifestatioun zu Gonschten vum Rwanda ze patronneieren. Mir haten eng Demande gemaach fir e Patronage vum geplangten Concert am Dezember. Leider kann sie nett selwer kommen mais sie iwwerhellt awer de Patronage vum Concert..

Mir haten am Dezember matt den Kollegen an de Kolleginnen aus dem Sand de Sandmärtchen organiseiert.

Bis elo hu mir 75 Parrainagen fest vermettelt, dat heescht 75 Leit hun sech engageiert all Mount mindestens 10€ ze iwwerweisen, an dat esou laang wei d'Kand an d'Schoul geet.

Vu dass d'Schoul am Rwanda sech des Rentrée verduebelt huet, et sin elo ongefeier 300 Kanner, wir ett gudd wann jiddereen e bëssen Reklam a sengem Entourage geif man.

Krëschtdag waren mir vun verschiddenen Leit gefrot gin ob sie de Kanner e Kado maachen keinten. Mir haten dun e Breif un d'Parrainen geschriwwen an deem mir hinnen d'Meiglechkeet gin hun fir e Kado oder en Don ze man, mais mir haten proposeiert nett eenzelnen Kanner eppes ze schenken.Mir wollten verhënneren, dass greisser Jalousien opkeimen. Mir konnten dun Suen an e puer Päck schecken. D'Päck sin gëschter ukomm.

Mir hun eise Projet virgestallt an der GV vun der APE a bäim Krëschtconcert vun der Fanfare Houschtert.

Mir waren eis och op d'Gemeng virstellen a sin unerkannt als eng offiziell Organisatioun aus der Gemeng.

Colette Poos